N°464
Entrée le 13.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.03.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Mobilitéit an Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

D'Thema vun der Elektromobilitéit ass grad méi wéi jee en wichtegt Thema an der Aktualitéit. Dozou goufen et och scho verschidde parlamentaresch Froen an der Vergaangenheet, wéi zum Beispill meng parlamentaresch Froen n°347, 1915, 3746 oder 7161. Hei huet d'Regierung Informatiounen iwwert de Fuerpark beim Staat vun den Autoe vun der Regierung geliwwert.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Beim Staat:
   1. Wéi héich waren d'Ausgabe fir de Fuerpark vun den eenzele Ministèren am Joer 2023?
   2. Wéi vill Elektroautoen a wéi vill Autoe mat Verbrennungsmotor goufen 2023 fir de Fuerpark vum ëffentlechen Déngscht kaf?
   3. Wéi vill Autoe mat engem Verbrennungsmotor, wéi vill Elektroautoen a wéi vill Autoe mat Hybriduntrieb befannen sech, opgeschlësselt no Ministère, aktuell am Fuerpark vum Staat? Wéi gesäit de relativen Undeel vun all Zort Untrieb am Verglach zum Total aus?
   4. Opgelëscht no Ministère, wéi vill Autoe sinn 2023 verschrott ginn?

2. Zum Fuerpark vun der Regierung:
   1. Wéi vill Autoe befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?
   2. Wéi vill Liter/100km verbraucht de Fuerpark (Duerchschnëtt+Median)?
   3. Wéi vill PS huet de Fuerpark vun der Regierung (Duerchschnëtt+Median)?
   4. Wéi vill Emissioune $CO_2$ stéisst de Fuerpark vun de Regierungsmemberen aus a wéi huet sech dësen entwéckelt zënter 2022?
   5. Wéi vill reng Elektroautoe befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?
   6. Wéi vill Budget huet all Minister fir de Kaf vun engem neien Auto?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°464
Entrée le 17.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Réponse de la Ministre de la Mobilité et des Travaux publics, Yuriko Backes, à la question parlementaire n° 464 du 13 mars 2024 de Monsieur le Député Marc GOERGEN**

Den honoréierten Deputéierte Marc Goergen freet Informatiounen iwwert de Fuerpark beim Staat an d'Autoe vun der Regierung.

**Beim Staat :**

1. *Wéi héich waren d'Ausgabe fir de Fuerpark vun den eenzele Ministèren am Joer 2023?*

Am Tableau ënnendrënner stinn d'Käschten, opschlësselt no Ministère, déi de Staat 2023 fir de Fuerpark ausginn huet. D'Käschte vun den Administratiounen, der Police Grand-Ducale an de Services de l'Etat à Gestion séparée sinn dem jeeweilege Ministère zougeuerdent.

Et ass allerdéngs ze soen datt d'Exploitatiounskäschten, déi sech aus den Entretienskäschten, dem Carburant, den Assurancen etc. zesummesetzen, d'Depense vun allen Zorte vu Gefierer enthalen, also nieft den Déngschtautoen och déi vun de Camionnetten, de Camionen an den Trakteren. Dat ass zréckzeféieren dorop datt fir de Moment d'Budgetsartikele mat de Coden 12.020 keen Detail fir déi eenzel Typpe vu Gefierer hunn an een duerfir keng Informatiounen aus der Comptabilitéitssoftware iwwert verschiddene Kategorië vu Gefierer kann eraus zéien.

Um Niveau vun den Acquisitiounskäschte ass et allerdéngs méiglech just d'Ausgabe vun den Autoen ze erfaassen, well hei d'Budgetsartikele mat de Code 74.000 den Detail fir d'Autoe virgesinn. Hei ass unzemierken datt fir 2023 de Gros vun de Kreditter fir d'Gefierer aus der obligatorescher zentraler Ausschreiwung vun 100% Elektroautoen a Plug-in Hybride beim Departement fir Mobilitéit an Transport vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten ageschriwwe waren.

| *Entitéit* | *Acquisitiounskäschte a €* | *Exploitatiounskäschte a €* | *Total a €* |
|---|---|---|---|
| ***Ministère de la Sécurité intérieure*** | 3 882 723 | 3 505 981 | **7 388 704** |
| ***Ministère de la Mobilité et des Travaux publics*** | 3 054 736 | 3 715 861 | **6 770 597** |
| ***Ministère des Affaires étrangères et européennes*** | 149 290 | 4 271 261 | **4 420 551** |
| ***Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*** | 81 826 | 1 296 091 | **1 377 918** |
| ***Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*** | 190 887 | 792 389 | **983 275** |
| ***Ministère des Finances*** | 231 424 | 472 927 | **704 351** |
| ***Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural*** | 38 700 | 204 911 | **243 611** |
| ***Ministère d'Etat*** | 98 161 | 134 096 | **232 257** |
| ***Ministère de la Digitalisation*** | 143 557 | 80 655 | **224 212** |
| ***Ministère de la Culture*** | 41 916 | 153 567 | **195 482** |

| | | | |
|---|---|---|---|
| ***Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire*** | 39 653 | 98 007 | **137 660** |
| ***Ministère de la Justice*** | - | 97 107 | **97 107** |
| ***Ministère de l'Economie*** | - | 57 943 | **57 943** |
| ***Ministère de la Sécurité sociale*** | - | 18 642 | **18 642** |
| ***Ministère de la Santé*** | - | 9 315 | **9 315** |
| ***Ministère des Sports*** | - | 6 804 | **6 804** |
| ***Ministère de l'Energie et de l'Aménagement du territoire*** | - | 5 392 | **5 392** |
| ***Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région*** | - | 3 764 | **3 764** |
| ***Ministère du Logement*** | - | 3 070 | **3 070** |
| ***Ministère de l'Enseignement supérieur et de la recherche*** | - | 2 663 | **2 663** |
| ***Ministère de la Protection des Consommateurs*** | - | 1 887 | **1 887** |
| ***Ministère de la Fonction publique*** | - | 1 757 | **1 757** |
| ***Ministère de l'Egalité entre les Femmes et les Hommes*** | - | 565 | **565** |
| ***Grand Total*** | **7 952 873** | **14 934 655** | **22 887 527** |

2. *Wéi vill Elektroautoen a wéi vill Autoe mat Verbrennungsmotor goufen 2023 fir de Fuerpark vum ëffentlechen Déngscht kaf?*

Fir d'Joer 2023 goufen 180 Déngschtautoen, Fourgonnette oder Fourgone immatrikuléiert. Den Tableau ënnendrënner schlësselt pro Motorisatioun a Benotzung vum Gefier dës Zuel op:

| ***Immatrikulatioune 2023*** | ***100% elektresch*** | ***Plug-in Hybrid*** | ***Thermesche Motor*** | ***Total*** |
|---|---|---|---|---|
| ***Déngschtautoe normal*** | *16* | *13* | *10* | *39* |
| ***Déngschtautoe Police Grand-Ducale*** | *14* | *1* | *26*<br>*16 (4x4)*<br>*16 (Fourgon/Fourgonnette)* | *73* |
| ***Déngschtautoe 4x4*** | *1* | *3* | *22* | *26* |
| ***Fourgon/Fourgonnette*** | *26* | | *16* | *42* |
| ***Total*** | ***57*** | ***17*** | ***106*** | ***180*** |

Zënter 2017 gëtt eng zentral Ausschreiwung vun 100% Elektroautoen a Plug-in Hybride fir de Fuerpark vum Staat gemaach an en vue vun der technologescher Evolutioun ass festgehalen datt alleguerten déi nei Déngschtautoe prioritär sollen 100% Elektroautoe sinn.

Vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit kann eng Derogatioun ausgestallt gi fir Autoen déi entweder enger spezieller Notzung ënnerleien oder spezifesch Equipementer brauchen a fir déi et am Moment nach keng adequat Alternativen am Beräich vun den elektresche Gefierer ginn.

Dës Approche ass och am Aklang mam groussherzogleche Reglement vum 2. November 2021 fir d'Promotioun vu propperen an energieeffiziente Stroossegefierer déi fir Lëtzebuerg beim Akafe vu

Gefierer vun der éffentlecher Hand virschreift datt mindestens 38,5 % vun de liichte Gefierer (Kategorie M1 & N1) «propper» sinn. Dësen Undeel soll am Duerchschnëtt fir alleguerten d'Gefierer erreecht ginn déi tëschent August 2021 an Enn 2025 ëffentlech ausgeschriwwe ginn an dono vir all weider 5 Joer.

3. *Wéi vill Autoe mat engem Verbrennungsmotor, wéi vill Elektroautoen a wéi vill Autoen mat Hybriduntrieb befannen sech,* ***opgeschlësselt no Ministère,*** *aktuell am Fuerpark vum Staat? Wéi gesäit de relativen Undeel vun all Zort Untrieb am Verglach zum Total aus?*

Ufank 2024 waren 2.290 Gefierer am Fuerpark vun de Ministèren, Verwaltungen an anere staatlechen Instanzen. Den Tableau ënnendrënner schlësselt no Ministère op:

| ***Entitéit*** | ***100% elektresch*** | ***Plug-in Hybrid*** | ***Thermesche Motor*** | ***Total*** |
|---|---|---|---|---|
| ***Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture*** | *11* | *10* | *68* | *89* |
| ***Ministère de l'Égalité des genres et de la Diversité*** | *1* | | | *1* |
| ***Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité*** | *14* | *4* | *174* | *192* |
| ***Ministère de la Culture*** | *3* | | *31* | *34* |
| ***Ministère de la Digitalisation*** | *3* | *2* | *15* | *20* |
| ***Ministère de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil*** | *3* | *3* | *27* | *33* |
| ***Ministère de la Fonction publique*** | | | *1* | *1* |
| ***Ministère de la Justice*** | *7* | *12* | *25* | *44* |
| ***Ministère de la Mobilité et des Travaux publics*** | *64* | *26* | *378* | *468* |
| ***Ministère de la Recherche et de l'Enseignement supérieur*** | *2* | | *2* | *4* |
| ***Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale*** | *8* | *2* | *25* | *35* |
| ***Ministère de l'Économie*** | *3* | *2* | *15* | *20* |
| ***Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*** | *26* | *6* | *255* | *287* |
| ***Ministère des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et du Commerce extérieur*** | | | *10* | *10* |
| ***Ministère des Affaires intérieures*** | *40* | *9* | *762* | *811* |
| ***Ministère des Finances*** | *5* | *6* | *141* | *152* |
| ***Ministère des Sports*** | *1* | | *7* | *8* |
| ***Ministère d'État*** | *1* | *4* | *37* | *42* |
| ***Ministère du Logement et de l'Aménagement du territoire*** | *1* | | *2* | *3* |
| ***Ministère du Travail*** | *10* | *2* | *24* | *36* |
| | | | | |
| ***Total*** | ***203*** | ***88*** | ***1999*** | ***2290*** |
| ***Relativen Undeel*** | ***8,9 %*** | ***3,8 %*** | ***87,3 %*** | ***100 %*** |

4. *Opgeléscht no Ministère, wéi vill Autoe sinn 2023 verschrott ginn?*

2023 goufe vun der Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA 146 Autoe verkaf. D'Autoe sinn all versteet ginn entweder duerch Vente publique oder Soumissioun. D'AED huet d'lescht Joer och keen Auto vum Staat verschrotte gelooss.
Den Tableau ënnendrënner schlësselt d'Gefierer no Ministère op:

| *Entitéit* | *Verkafte Gefierer 2023* | *Altersduerchschnëtt* |
|---|---|---|
| ***Ministère de la Culture*** | *1* | *14.0* |
| ***Ministère de la Digitalisation*** | *1* | *11.0* |
| ***Ministère de la Justice*** | *1* | *17.0* |
| ***Ministère de la Mobilité et des Travaux publics*** | *24* | *14.1* |
| ***Ministère de la Santé*** | *2* | *13.5* |
| ***Ministère de la Sécurité intérieure*** | *89* | *12.1* |
| ***Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable*** | *11* | *12.2* |
| ***Ministère des Affaires étrangères et européennes*** | *5* | *11.8* |
| ***Ministère des Finances*** | *9* | *14.2* |
| ***Ministère d'État*** | *1* | *11.0* |
| ***Ministère du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*** | *2* | *13.5* |
| **Total** | ***146*** | ***13.1*** |

**Zum Fuerpark vun der Regierung :**

1. *Wéi vill Autoen befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?*

Et befannen sech aktuell 15 Autoe vun de Regierungsmemberen am Fuerpark, dovunner sinn der 13 Plug-in Hybrid, 1 Bensinner an 1 reng elektresch.

2. *Wéi vill Liter/100km verbraucht de Fuerpark (Duerchschnëtt+Median)?*

Den Duerchschnëttsverbrauch leit bei 2,35 Liter/100km, de Median bei 2,2 Liter/100km.

3. *Wéi vill PS huet de Fuerpark vun der Regierung (Duerchschnëtt+Median)?*

Wat d'Leeschtung ugeet, sou leit dës bei 224 kW, also ronn 305 PS am Duerchschnëtt a bei 210 kW, also ronn 285 PS am Median.

4. *Wéi vill Emissioune CO2 stéisst de Fuerpark vun de Regierungsmemberen aus a wéi huet sech dësen entwéckelt zënter 2022 ?*

Den Duerchschnëtt vun den Emissioune läit aktuell bei 52,13g $CO_2$/km.

2022 louch d'Moyenne vum $CO_2$-Ausstouss vum Fuerpark vun de Regierungsmembere bei 97g $CO_2$/km nom alen Testzyklus NEDC berechent a fir 9 Gefierer fir déi eng WLTP-Valeur disponibel war, war d'Moyenne 64g $CO_2$/km.

5. *Wéi vill Elektroautoen befannen sech aktuell am Fuerpark vun der Regierung?*

Et befënnt sech aktuell een 100% Elektroauto am Fuerpark vun der Regierung. Wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Ufro n°3746 vum 2. Mäerz 2021 geschriwwen, ass et weiderhin d'Zil fir de gesamte Fuerpark vun de Regierungsmemberen $CO_2$-emissiounsfräi ze kréien. Allerdéngs ass et aus operationellen a sécherheetstechnëschen Grënn momentan net méiglech op eng reng elektresch Flotte ze setzen.

6. *Wéi vill Budget huet all Minister fir de Kaf vun engem neien Auto?*

Fir d'Autoe vun de Regierungsmemberen ass eng Enveloppe vun 100.000 € TTC fir en 100 % Elektroauto a vu 95.000 € TTC fir e Plug-in Hybrid zréckbehale ginn. Fir de Premierminister, Vizepremierminister an de Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel gëlle Seuile vun 122.000 € TTC fir en 100 % Elektroauto, 117.000 € TTC fir e Plug-in Hybrid a 112.000 € TTC fir en thermeschen Auto.

Lëtzebuerg, den 17. Abrëll 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes